LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

La Ministre déléguée auprès du Premier ministre, chargée des Médias et de la Connectivité

**Äntwert vun der delegéierter Ministesch beim Premierminister fir Medien a Connectivitéit, Elisabeth MARGUE, op d'parlamentaresch Fro n°3849 vum 27. Määerz 2026 vum honorabelen Deputéierten Dan HARDY.**

1. **Kann d'Regierung eng objektiv Bewäertung vum Bäitrag vun der ALJP zur Pressefräiheet zu Lëtzebuerg ofginn?**

D'*Association luxembourgeoise des journalistes professionnels* (ALJP) leescht e wäertvolle Bäitrag fir d'Pressefräiheet an de Mediesecteur zu Lëtzebuerg. Datt d'ALJP hiert 100-järegt Bestoe feiert, ass net nëmmen e symbolesche Jubiläum, mee och en Ausdrock vun engem laangjäregen a kontinuéierlechen Engagement fir e qualitativ héichwäertege Journalismus an de Schutz vun der berufflecher Ethik.

D'ALJP spillt eng wichteg Roll als Vertrieder vun de Journalisten, als Acteur am ëffentlechen Debat an als Partner am institutionellen Dialog. Duerch hir national an international Vernetzung dréit si dozou bäi, datt professionelle Know-how gestäerkt gëtt an datt international Standarden an de Lëtzebuerger Kontext integréiert ginn. Domat leescht si och e wichtege Bäitrag zum Erhalt vum Mediepluralismus, deen eng zentral Viraussetzung fir eng gutt funktionéierend a resilient Demokratie ass.

2. **Erkennt d'Regierung un, datt trotz hirer 100-järeger Geschicht nach ëmmer fundamental Problemer bestinn, besonnesch wat den Zougang zu Informatiounen an de Schutz virun SLAPP-Prozesser (Strategic Lawsuit Against Public Participatioun) ugeet?**
3. **Wéi eng spezifesch Moossname gedenkt d'Regierung an deem Kontext ze ergräifen?**

Trotz de Fortschrëtter beim Kader am Beräich vun der Pressefräiheet a vum Medierecht, bestinn nach Erausfuerderungen. An dësem Kontext setzt d'Regierung op eng Kombinatioun vu gesetzlechen, institutionellen an operationelle Moossnamen.

Am Beräich vum "Accès à l'information" stellt de Projet de loi n° 8421 eng wichteg Weiderentwécklung vum rechtleche Kader duer. De Gesetzesprojet wäert de juristesche Kader vum Zougang zu administrativen Informatioune wiesentlech stäerken an domat déi wichteg Roll vun de Medie bei der Kontroll vun der ëffentlecher Handlung a fir d'Verständnis vum Funktionnement vun Decisiounsprozesser ënnerstëtzen.

Wat de Kampf géint déi sougenannte SLAPP-Prozeduren ugeet, bei deenen d'Zil doranner besteet fir Journalisten anzeschüchteren, huet d'Regierung den 29. Januar 2026 de Projet de loi n° 8696 deposéiert, fir de Mëssbrauch vum Rechtsstaat a vu Justizprozedure géint Journalisten an aner Acteure vum ëffentlechen Debat kënnen ze ënnerbannen.

Dës Reforme sinn Deel vun enger kohärenter Strategie fir e staarken, onofhängegen a pluralistesche Mediesecteur zu Lëtzebuerg. Am Zesummespill mat dem bestoende gesetzleche Kader, notamment dem Regime vun der Pressehëllef, verfollegt d'Regierung domat eng ëmfaassent Approche, fir

d'Aarbechtskonditioune vu Journalisten ze verbesseren. Gläichzäiteg gëtt d'Professionalitéit an d'Onofhängegkeet vum Journalismus zu Lëtzebuerg geséchert. Esou soll och am Kader vun der virgeschloener Mediereform dem Presserot seng Roll, als Organ vun der berufflecher Selbstregulatioun, an der Iwwerwaachung vun deontologesche Standarden nach weider gestäerkt ginn, notamment duerch d'Méiglechkeet, sech an Zukunft och aus eegener Initiativ (autosaisine) mat Froen am Zesummenhang mat der journalistescher Ethik ze befaassen (souwéi och duerch déi obligatoresch Saisine vum Presserot duerch déi nei *Autorité luxembourgeoise indépendante des médias* (ALIM) an Affären, déi e professionnelle Journalist concernéieren).

Lëtzebuerg, den 27. Abrëll 2026

Déi Delegéiert Ministesch beim Premierminister
fir Medien a Connectivitéit

(s.) Elisabeth MARGUE